

## Sécherheitsmesuren

## Chaos Computer Club schockéiert iwwert Annonce vum Premier

An der Chamber mécht de Mëtteg de Premier Xavier Bettel eng Declaratioun iwwert déi national Sécherheet an den Terrorismus. Duerno ass eng Debatt am Plenum

Leschten Update: 01.12.2015, 07:12:49

[E-Mail schécken](#)

[Printen](#)



### Links

[PDF: Communiqué vum Chaos Computer Club Lëtzebuerg](#)

### Themen

[Lëtzebuerg](#)

### Lëtzebuerg: Am meeschte gelies

[Haut](#) [Gësch](#) [Dës Woch](#) [Lescht Woch](#)

1. Vitessekontrollen: Éischte Radar op der Iechternacher installéiert
2. Sécherheitsmesuren: Chaos Computer Club schockéiert iwwert Annonce vum Premier
3. 3. Pilier vum Rentensystem: Eng Zousazpensioun wëll gutt iwwerluecht sinn
4. Déidlechen Accident: Lëtzebuerger stierft no Accident tëscht Besch an Nennig (D)
5. Police: Auto geklaut - Brutalen Iwwerfall zu Rodange op der Gare



Leschten Donneschden huet de Staatsminister jo adaptéiert Sécherheitsmesure fir Lëtzebuerg virgestallt.

Sou kënne Perquisitiounen elo ronderëm d'Auer duerchgefouert ginn. Eng Garde a Vue ka vu 24 op 48 Stonne verlängert ginn. D'Police kritt och Méiglechkeeten, fir Gespréicher op Skype an och iwwer Telefon ofzelauschten.

Weider kann d'Police Informatiounen an e Computer siche goen, dëst duerch Aschleise vun Trojaner. Fir Enquëten dierfen d'Beamten Pseudonymmen benotzen. An déi anonym Prepaid-Kaarte ginn ofgeschaf.

Luef, mä och Kritik gouf et schonn un deene Sécherheitsmesuren... de **Chaos Computer Club Lëtzebuerg** weist sech um Dëschdeg de Moien an engem Schreiwes schockéiert iwwer d'Annoncen. Bei der potentieller Aféierung vun engem Staatstrojaner giff ee sech op de selwechten Niveau wéi Däitschland, Saudi-Arabien, Uganda oder Ägypten stellen.

E Staatstrojaner giff den ICT Standuert Lëtzebuerg komplett ënnergruween.